Oppene Bréif un den Premierminister Luc Frieden

Här Premierminister,

D'Ënnerstëtzung, déi ech an de leschten Deeg vun dausenden vu Leit krut, sief et iwwer Temoignagen op menger Homepage, an de soziale Medien oder iwwert privat Messagen, ass iwwerwältegend !
Et ass berouegend festzestellen, datt mir hei am Land eng grouss Majoritéit u gudden an anstännege Mënschen hunn, déi des Ongerechtegkeet gesinn a verstinn, an dat nëtt akzeptéieren.

Wat hei lassgetréppelt gouf, däerf net duerchgoen !

Dës Aktioun, déi eist Land erschüttert, erënnert staark un daïschter Zäiten, an deene Mënschen ugeklot goufen, mam Däiwel am Bond ze sinn, Kommunisten ze sinn, an dunn hier Onschold an engem onfaire Prozess hunn misste beweisen. An de Fait, datt se dat net konnten, well hinnen all Méiglechkeete vun der Verteidegung verwäert goufen, als Beweis fir hier Schold ausgeluecht gouf. Dat alles ass geschitt dobaussen, an engem ëffentlechen Schauprozess.

Kuckt wéi et an dëser Affär gelaf ass. Anonym Denunzianten schwätze vun ongeheierleche Verbriechen, nämlech gesond Knéie sollen operéiert gi sinn. Leit solle verstümmelt gi sinn. Sie liwweren awer keng Beweiser. Schwätze vu 15 Patienten, dovu sollen der 10 operéiert gi sinn. Bis op zwee sinn se all anonym. Et gëtt net matt offene Karte gespillt. De Collège médical, déi éischt Instanz am Prozess, liwwert déi Virwërf net nëmmen als Uklo, mee als établéiert Fakten un de Ministère weider. Ouni Expertise. Ouni Beweis. Ouni dee Betreffende gefrot an domat konfrontéiert ze hunn. An recommandéiert der Ministesch, där zweeter Instanz, den Dokter aus dem Verkéier ze zéien. D'Ministesch schreift dem Dokter, si géif op der Grondlag vum Collège médical senger Recommandatioun envisagéieren, hien ze suspendéieren. Huet also schonn virverurteelt, ier si sech konnt e Bild maachen. Oder wollt e Bild maachen. De Beschëllegten kritt just 2 konkret Fäll mam Numm. En 3. Fall konnt de Betreffende selwer identifizéieren. A fir de Rescht just soi-disant Fäll wou hien eppes falsch gemaach hätt. Hien versteet d'Welt net méi, kuckt sech déi Fäll un déi um Dësch leien, a gesäit a kengem e gesonde Knéi, gesäit Fäll, déi wéi d'Medezin et verlaangt, vun him behandelt goufen. Hien erklärt sech virun der Ministesch hire Beamten, déi him ze verstoe ginn, datt si den Dossier och esou bewäerten. An awer gëtt hie vun der Ministesch suspendéiert. D'Virverurteelung ass bestätegt. Well hien eng Gefor fir Land a Leit wier.

De Parquet kuckt sech den Dossier un a gëtt en zréck un de Collège médical. D'Justiz huet kee Grond gesinn, wéinst enger Strofdot ze enquêtéieren, an deelt dat esouguer ëffentlech mat. Dat schéngt d'Ministesch kal ze loossen. Si kennt net op hier onméiglech Decisioun

zeréck. An der Ëffentlechkeet muss hie weider rechtfertegen, datt hien alles richteg gemaach huet. Et gëtt nach ëmmer keng Beweiser. Awer eng éischt Expertise, déi hie selwer an Optrag ginn huet. An déi kennt zur Conclusioun, datt alles an deene Fäll richteg gemaach gouf.

**Am Resumé : de Collège médical hält sech net u legal Prozeduren. D'Ministesch, 2. Pouvoir am Land, handelt illegal an hellt eng willkürlech Decisioun, setzt sech och iwwert d'Verfassung ewech, an ignoréiert esouguer en Avis vum 3. Pouvoir, der Justiz. Wat sot Dir als Regierungschef zu dësem Verständnis vum Rechtsstaat a vun der Konstitutioun, op déi Dir geschwuer hutt ?**

D'Politik muss ophalen, d'Leit am Land fir ze domm ze halen. D'Leit versti ganz genau, wat hei geschitt. An d'Leit akzeptéieren et net méi. Dat weist déi enorm Ënnerstëtzung vun alle Säiten, déi ech an deene leschten Deeg krut. Leit, déi ech bis dunn net kannt hunn, hunn mer geschriwwen, gesot si wieren nach net Patiente vu mir, mee wann se eppes hätten, géife si direkt bei mech kommen. Leit, déi bezeien, datt ech si net operéiert hunn, obwuel si duechten, si missten operéiert ginn.

D'Leit am Land si veronséchert. An d'Doktere gläich matt. D'Doktere sti souguer ënnert dem Generalverdacht, net gutt ze schaffen. Et gëtt no neie Kontrolle geruff, just net do wou se néideg wären. Dat muss esou séier wéi méiglech ophalen.

Dës Regierung ass ugetrueden d'medezinesch Versuergung vun de Patienten ze verbesseren. Am Koalitiounsprogramm steet naïscht vun enger Veronsécherung vun Dokteren an hire Patienten. Genau dat ass awer elo geschitt.  De Schued, deen dës Affaire verursaacht huet, geet also waït iwwert mäi Schicksal ewech.

Dës Affär ass iwwert de Knéi gebrach. Et ass eng politesch Affär. An dofir muss si politesch geléist ginn. De Collège médical muss seng Konsequenzen zéien, wat éischter, wat besser. D'Ministesch muss genausou hier Responsabilitéiten huelen. Wat éischter, wat besser. Des skandaléis Decisioun iwwert d'Suspensioun muss direkt opgehuewe ginn. An meng Patienten, déi oft vill wéi hunn, an elo duebel an direkt ënnert dëser Ongerechtegkeet leiden, besonnesch no dëser medialer Opmierksamkeet. Sie wäerte wëssen, op ech eng Gefor fir si sinn, oder eng Hëllef an hirer Nout.

An da muss Luucht an dës Affär kommen, hei muss opgekläert ginn, wat wierklech dohannert stécht. All Dossier, vun deem geschwat gouf, muss expertiséiert ginn. An all Feeler an der Prozedur muss ënnersicht a bewäert ginn. Dozou si mir dem Land a senge Leit verpflicht. D'legal Prozedur ass hei bewosst violéiert ginn. De Rechtsstaat, eis Verfassung,  si violéiert ginn. Vum Collège médical a vun der Ministesch.

Mier sinn haut den 1. Februar. Een Dag virun enger Sitzung an der Chamber. E puer elementar Froe stellen sech :

1. Firwat huet Är Ministesch d’Prozedur net agehalen ?
2. Wou sinn déi aner Fäll ?
3. Wéi sinn déi Fäll beaarbecht ginn?
4. Wat hunn de Premier Conseiller de Gouvernement, Juriste, an den Direkter vun der Santé, Dokter, der Ministesch no eiser Entrevue geroden ?
5. Wéini komme mer erëm zeréck op de Wee vun enger legaler Prozedur, konform zu der Verfassung ?

En attendant muss ee feststellen, datt et keng objektiv Grondlag gëtt, déi der Ministesch hier présomption de culpabilité an d’Gefor fir d’ëffentlech Gesondheet rechtfertegt.

D’Deputéiert kënnen elo iwwerpréiwen, op d’Ministesch déi legal Prozedur agehalen huet. Et kann net op Basis vun engem Gefill, vun enger Meenung vun engem Minister ofhänken, op sanktionéiert gëtt oder net. Dat ass géint all Prinzip vum moderne Recht. Dat ass Willkür. Oder Amtsmëssbrauch.

D’Chamber wäert hier Roll spille mee, Här Premierminister, och Dir stitt an der Verantwortung. Et ass och un Iech, alles ze maachen, datt d’Leit am Land erëm Vertrauen an de Rechtsstaat, an Är Regierungsequipe, an an eis Gesondheetsversuergung kréien. Dir sidd als Chef vun der Regierung dee wichtegsten Hidder vun eiser Verfassung. An deem Sënn waart an erwaart d’ganzt Land, dass Dir handelt, fir eis Bierger a Matbewunner vun de Konsequenze vu Willkür ze schützen.

Wann dës Ongerechtegkeet duerchgeet, ass vir all d’Leit, Patiente wéi Dokteren, d’Gesondheetsversuergung muer op der ganz schifer Bunn.

Des Affär ass eng gemeinsam Verantwortung. An ech droe mäin Deel dovunner. Ech wäert op menger Säit weider alles maachen, fir d’Recht erëm hierzestellen, fir datt d’Institutiounen erëm fonctionéieren, fir datt d‘Leit erëm kenne roueg bei den Dokter goen, fir datt d’Dokteren erëm an aller Serenitéit hire Beruff kenne maachen.

Dat sinn ech mengem Land, dat mir esou vill ginn huet, ‘*fir dat mir géif heinidden alles woen*’, schëlleg.

Philippe Wilmes
1. Februar 2026